# Schoulsportdaghymn

(Op d'Melodie vu "Go West" vun de Pet Shop Boys)

*Text:*
*Lonien Myriam, Musculus Mélanie, Arendt Florence, Zirnheld Aline, Lea Sevenig, Hanin Louise, Wirtgen Louise, Schon Claire, Santos Stéphane, Capelli Nino*

Den Text gouf am März 2012 zesummegestallt, am Kader vun der Semaine des sports (semaine d'intégration) vum Cycle 4 .

**Strophe1**

Haut, si mir all dobäi
Haut, fille mir eis fräi
Haut, si mer wierklech frou
Haut, gehéiert Spaass dozou
Zesummen, gëtt elo Sport gemaach
Zesummen, hu mir ganz vill Spaass
Zesummen, get och vill gelaacht
Zesummen, hu mer Schoulsportdag

**Refrain**

Am Sand, ass haut Schoulsportdag
Am Sand, gëtt haut vill gelaf
Am Sand, si mir all gutt drop
Am Sand, ass et ëmmer flott
Am Sand, hu mir all Talent
Am Sand, do gëtt ni gepennt
Am Sand, schaffe mir am Grupp
Am Sand, si mir eng staark Trupp

**Strophe 2**

Maach weider, däin Ziel ass scho ganz no
Maach weider, dat doten packs du elo
Maach weider, du bass nach net um Enn
Maach weider, dat do ass däi Moment
Wanns d'ukëns, hues du dech iwwertraff
Wanns d'ukëns, sinn all di aner paff
Wanns d'ukëns, fills du dech gléckelech
Wanns d'ukëns, bass du ganz stolz op dech

**Refrain**

Am Sand, hu mir all Talent
Am Sand, do gëtt ni gepennt
Am Sand, schaffe mir am Grupp
Am Sand, si mir eng staark Trupp
Am Sand, ass haut Schoulsportdag
Am Sand, gëtt haut vill gelaf
Am Sand, si mir all gutt drop
Am Sand, ass et ëmmer flott